



et wäerte packen, souguer bis op de Glacis ze kommen. Dat heescht, datt mer souguer schonn den Zentrum vun der Stad mat ugebonne kréien.

Also, d'Chancé sti ganz gutt, wann elo net eppes Gréisseres dertëschentkënn an deene leschten zwee Méint bis de Summer, well dat ass haaptsächlech och am Zesummenhang mat deenen Aarbechten, déi ronderëm d'Bréck nach do sinn. Wann déi all normal weiderginn, da packe mer et, da wäerte mer den 10. Dezember, wéi gesot, direkt opmaache bis op de Glacis.

An dann ass natierlech d'Fro gestallt gi vu verschiddenen Deputéierten: „Wéi geet et da wieder?“ Ma, de Chantier ass jo schonn amgaangen och, et gëtt jo och scho geschafft an der Stad. Duerfir, wa behaupt gëtt, an der Stad géif eréischt ugefaange gi méi spéit mat schaffen, dat ass Nonsens! Op der Stäreplaz gëtt scho geschafft, laanscht de Kierfecht ginn d'Leitunge scho verluecht. An der Allée Scheffer gëtt scho geschafft. Dat heescht, hannendru leeft den Tracé scho weider. An och do si mer ganz gutt weiderkomm bis elo. A wa beim Chantier do näischt Gréisseres méi dertëscht-kënn, da wäerte mer am Dezember, wéi gesot, deen éischten Deel opmaachen a souguer dann am Fréijoer '18 bis op d'Stäreplaz kommen an dee Pôle d'échange Stäreplaz scho kennen ubannen, wou jo d'Busse vum Westen derbäikommen, wat dann e weidere Schratt ass.

An da geet et weider vun do...

### (Interruption)

An d'Glaiser, jo, leien och. An da geet et weider vun der Stäreplaz direkt hannendru selbstverständlich nom Fréijoer 2018 Richtung Uewerstad, Richtung Gare. An déi nächst Etapp wäert da sinn d'Paräiser Plaz, wou mer direkt wëllen ebe maachen: Stäreplaz-Paräiser Plaz. Well dann hu mer näamlech direkt d'Uewerstad och mat ugebonnen, also den Hamilius, an och quasiment d'Gare, bei der Paräiser Plaz ass ee scho quasi op der Gare. A wann alles normal leeft, wéi den Timing et virgesäit, géif fir den Hierscht 2019 dann och deen Deel schonn opgoen.

Dann natierlech kënn déi Phas hannendrun. Mir wollten et vermeiden, datt den Tram en Termin op der Gare kritt, well dat méi komplizéiert gëtt a méi komplizéiert ze organiséieren ass, well ee jo dann natierlech d'Bussen do dann anescht muss organiséieren. Duerfir ass d'Iddi, fir dann direkt vun der Paräiser Plaz Richtung Houwald ze kommen.

An dann ass et natierlech esou, fir vun der Gare selwer Richtung Cloche d'Or ass d'Finanzierungsgesetz jo awer nach net gestëmmt vun der Chamber. Den APS ass fäerdeg schonn eng länger Zäit. Mir sinn och de Moment an där sougenannter „EIE-Prozedur“, dat heescht, de Moment leien d'Dossiere beim Ministère de l'Environnement a beim Ministère de l'Aménagement du territoire, fir datt déi hir Avice kënnen ginn. Déi kréien ech Enn Abrëll. An Enn Abrëll gi mer dann an d'Consultation publique am Kader vun der EIE, wéi dat virgesinn ass bei esou engem Projet. An déi dauert zwee Méint. Dat heescht, dat geet da bis Enn Juni. An dann Enn Juni finaliséiere mer den Avant-projet détaillé. Also de Gesetzesprojet, dee wäert dann, wann alles normal geet, am Juli duerch de Regierungsrot goen an da wäert ech deen am Summer och hei deposéieren. Dat heescht, dat betrëfft déi zwou Extensioun vum der Gare op d'Cloche d'Or an awer och vun der Luxexpo bis op de Findel.

### (Interruption)

An op d'Fro hin, ob aner Projeten doduerjer verkierzt ginn, ob net genuch Suen do wären, kann ech just soen: Neen! Just de Contraire hu mer gemaach. Mir hunn eng Rei Projeten, déi wichteg sinn natierlech am Zesummenhang mam Tram, a well ëmmer gesot gëtt, den Tram eleng wär keng Léisung - wat richteg ass, an dann ass et jo esou, datt den Tram nëmmen am Zesummenhang mam Zuch a mat aneren Infrastrukture richteg ass -, duerfir hu mer och eng Rei aner Saache beschleunegt.

Zum Beispill den Ausbau vun der Gare Lëtzebuerg, wat en zentraalt Element ass fir d'Capacitéit vum Eisebunnsreseau, hunn ech decidéiert massiv virzezéien, soudatt mer 2018 an 2019 schonn de fënneften an de sechste Quai kennen a Betrib huelen. Dat heescht, dat war e Projet, dee war virgesinn, soen ech lech, fir no 2023. Deen hu mer fënnef Joer virgezunn...

### (Interruption)

...an net d'Projete méi spéit gemaach. Sou och nach eng Rei aner Projeten, déi mer beschleunegt hunn, amplaz se ze bremsen. Dat heescht, et ass näischt gebremst ginn, mä et sinn éischter Projeten no vir gezu ginn, wéi datt der, wéi gesot, gebremst gi wären.

Derbäi koumen eng Rei nei Projeten: Dat ass de Carsharing, dee wäert vun der CFL Enn des Joers lancéiert ginn. Dat ass e Projet, wou mer e Joer schonn dru schaffen. E Projet vum Carpooling, e ganz wichtege Projet, fir datt mer och méi Leit zesummen an en Auto kréien, wa se mam Auto musse fueren, wat d'Stroossen doduerch erlichtert. Dee Projet wäert och Enn des Joers lancéiert ginn. Da kënn de ganze Bus à haut niveau de service, dee Projet, dee war och net virgesinn. Do si mer an der Planung ganz wäit schonn, och mat de Gemengen zesummen, fir déi zwou Strecken, déi fir de Süde vun eise Land ganz wichteg sinn.

An da kann ech lech och soen, datt ech bis Enn des Joers oder Ufank d'nächst Joer e ganze Plang virstelle wäert vu Fortsetzungsprojeten, déi een onbedéngt muss maachen, menger Meenung no, an där Dynamik, wou mer elo dra sinn, wa mer wëllen déi Problemer, déi mer hunn an der Mobilitéit, an de Grëff kréien.

Dann hunn ech d'Plan-sectoriellen, déi si jo um Instanzewee. Déi sinn am Fong fäerdeg, mä mir sinn amgaangen, d'SUP dovunner ze maachen. Do sinn och dräi Extensioun vum Tram, neen, pardon, souguer véier Extensioun vum Tram hunn ech dran aschreiwelooss. Dat Eent ass d'Extensioun Richtung Leideleng. Dat Zweet ass d'Extensioun Richtung Hollerech. Dat Drëtt ass d'Extensioun Richtung Mamer. An dat Véiert ass ganz nei, dat ass eng Extensioun, am Fong eng zweet Antenn, déi iwwert de Boulevard Konrad Adenauer Richtung RTL hanne laanschtgoe géif, well do ginn onheemlech vill Wunnenge gebaut. Do entstinn déi gréisste Quartiere mat deene meeschten Aarbechtsplazen nach um Kierchbiereg an Zukunft. Duerfir ass et och wichteg, datt dat eng Kéier ugebonne gëtt. Och deen Tracé hunn ech an e Plan sectoriel aschreiwelooss. Also och do kloer d'Dynamik, datt mer wëlle relativ séier weiderkommen, fir auszubauen.

Dann zu de Froen, déi nach gestallt gi sinn am Zesummenhang mat der Zesummenaarbecht mat de Gemengen, de Randgemengen. Ech hu Kontakter mat alle Randgemengen, sougutt mat der Gemeng Nidderaanwen wéi och mat der Gemeng Hesper, wat den Ausbau vum Tram an de Pôle-d'échange ubelaangt.

De Stat, also d'Regierung, huet och decidéiert, datt, wat den Ausbau ubelaangt op de Findel, de Stat dat zu 100% finanzéiert. An och den Ausbau, deen um Territoire ass vun der Hesper Gemeng, gëtt zu 100% vum Stat finanzéiert.

Wat deen aneren Deel ubelaangt op dem Territoire vun der Stad Lëtzebuerg, sou huet d'Stad Lëtzebuerg sech bereet erkläert: Si finanzéieren net direkt mat um Tramstracé, mä si finanzéieren awer de Park & Ride uewen op der Cloche d'Or. Dat heescht, dee gëtt jo matgebaut an deem ganze Kontext. Dat ass och wichteg, fir datt dee Pôle d'échange fonctionnéiert.

Dat heescht, all déi Finanzementer sinn och ofgeséchert. An ech muss lech soen, all déi Montanten, déi virgesi sinn, fir déi Projeten ze realiséieren, déi stinn zënter annerhallwem Joer am Programme pluriannuel vun der Regierung dran, datt heescht, an deem, dee beim Budget ëmmer presentéiert gëtt. Dat heescht, dat ass de Moment alles an de Finanzéierungschiffere vum Stat virgesinn.

Nach e Wuert zum Park & Ride Kockelscheier, well den Här Wilmes dat gefrot hat. Ech mengen, d'Strategie muss sinn, fir méiglechst Park-&-Riden ausserhalb der Stater Agglomeration ze maachen. Mir wäerten der ganz vill op der Grenz bauen. D'Eisebunn eleng huet der de Moment siwen an der Aarbecht, wou se schonn um Niveau APD sinn, zum Beispill zu Bascharage, mä awer och zu Elwen ginn der gebaut, also vill méi wäit eraus, Rodange, all déi, déi Der och kennt, mengen ech, déi ech schonn e puermol virgestallt hunn. An hei géif et och kee Sënn maachen, deen do ze vergréisseren, well do de Problem ass vun der Accessibilitéit fir dohinner. Mir musse versichen, eben d'Autoe vill méi wäit virdrun opgefaangen ze kréien. Dat ass de Grond.

Mä et ass awer kee Problem, well mir gi bei de Park & Ride-Plaze vun haut 13.500 op 27.000 erop an deenen nächste fënnef Joer, wouvun de Gros awer gebaut gëtt, wéi gesot, wäit ausserhalb vun der Stad, och souguer op de Grenzgebiddere oder op där anerer Säit vun der Grenz.

Dann ass ze soen, déi Zesummenaarbecht och mat dem Geschäftsverband leeft exzellent. Mir hunn och virun, ech mengen, annerhallwem Joer eng Konvention ënnerschréiw mat der Union commerciale vun der Stad Lëtzebuerg, wou mer festgehalten hunn, datt éischters emol muss gekuckt ginn, datt natierlech beim Chantier d'Nuisancen esou niddreg wéi méiglech solle sinn, datt d'Kommunikatioun gutt soll lafen, an da wéi déi soll lafen.

A mir hunn och iwwert d'Kompensationsmesuren doranner eppes festgehalten, an och souguer op Demande hi vun de Geschäftsleit, wou net gefrot ginn ass, fir elo finanziell Kompensationen ze kréien, mä éischter Kompensationen a Form vun zum Beispill engem gratis Busdéngscht samschdes, wat mer jo och entretemps maachen, a vu verschiddene Parkingen, déi da bei verschiddene Geleeënheete gratis gemaach ginn.

Also dat heescht, dat war éischter och de Wonsch vun de Commerçanten, fir esou Kompensationsmesuren ze kréie wéi elo reng direkt finanzieller. Mä fir de Rescht leeft d'Zesummenaarbecht och do ganz gutt. Och d'Informatioun leeft exzellent, zum Beispill um Kierchbiereg: Déi ganz Commercen, déi laanscht den Tracé sinn, si regelméisseg informéiert ginn a gi regelméisseg invitéiert och op Informationsversammlungen.

Och de Comité d'accompagnement huet insgesamt véiermol getaagt. Dat ass dee grouse Comité d'accompagnement, wou d'Syndicateur vun der Stad Lëtzebuerg zum Beispill mat dra sinn an esou weider an esou fort. Dat heescht, déi waren dräimol zesummen a Reunione, eng Kéier an enger Visitt vum Centre de remisage, wou se alles erkläert kritt hunn an och de Fortgang vum Projet, wéi gesot, erkläert kritt hunn.

Zu de Kompensationsmesuren ass ze soen, datt am Ganze fir den Tracé vum Findel op d'Cloche d'Or mussen 9,2 ha Bësch kompenséiert ginn. Dovu sinn der 4,5 scho kompenséiert. Dat sinn déi, déi hu misse kompenséiert ginn, wéi mer deen éischten Tracé ugefaangen hunn. Dat ass haaptsächlech, wou de Centre de remisage gebaut ginn ass. A mir hunn et och esou gemaach, wéi et am Gesetz virgeschriwwen ass, dat ass, datt d'Kompensationsmesurë gemaach waren, ier mer ugefaangen hu mat schaffen. Deen aneren Deel, déi aner 4,5 ha, déi geschéien elo am Kader, déi ginn elo festgeluecht am Kader vun der EIE-Prozedur, déi elo amgaangen ass fir d'Extensiounen.

Do geet et haaptsächlech ëm d'Extensioun op de Findel. Woubäi een awer och muss wëssen, datt um Rand vum Gréngewald musse Beem ofgeholzt ginn, also wierklech um Rand niewent der Autobunn. Also et gëtt keng Schneis geschloen. Et ass net ze vergläichen, wéi wann een elo flatsch derduerch duerch de Bësch fiert! Mä et ass awer egal, ech mengen, et gi Beem ewechgehol an duerfir mussen déi och kompenséiert ginn. An do gi Kompensationsmesurë vun der Ëmweltministesch am Kader vun der EIE-Prozedur festgeluecht. A soubal ech de Projet de loi.... oder deen Dag, wou ech en an der Chamber wäert deposéieren, da wäert och bekannt sinn, wou se wäerte gemaach ginn an a wéi enger Envergure se wäerte gemaach ginn.

Dann nach vläicht ee Wuert zu dem Mobilier urbain. Den Här Angel huet recht: Et ass effektiv an enger Ausschreiwung méi e kleng Büro, zesumme mat der IP, déi dee ganze Projet kritt hunn. Ech kann lech awer soen, Här Angel, an ech kann lech och berouegen, do ass och en Architekt-Designer, deen zoustänneg ass fir d'Entwerfe vun den Arrëten, also vun den Haisercher selwer. An do gëtt wierklech opgepasst och op den Design. Et ass e ganz flotten Design, mir hunn e scho gesinn, dee wäert zréckbehale ginn. Also ech mengen, do kënn Der Äre Kapp a Rou leeën, dat gëtt schonn esou, wéi et sech gehéiert.

Also wéi gesot, ënnert dem Stréch, Här Präsident, Merci fir d'Geleeënheet ze kréien, de Mëtteg éischten unzëknegen, wéi dann dee geneeën Timing ass, zweetsen fir kënnen matzedelen, datt de Projet exzellent leeft, sougutt planeresch wéi finanziell. A Merci och fir déi breet Ënnerstützung vun der Chamber fir dee Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ma Merci och. A mir géifen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen. Mir bleiwe beim Tram mam Projet de loi 7034, an do geet et ënner anerem ëm d'Sécherheitsmoosname beim Tram. An d'Wuert huet direkt d'Rapporteurin, d'Madamm Josée Lorsché.

## 6. 7034 - Projet de loi ayant pour objet la sécurité du tramway et modifiant

### 1° la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics;

### 2° la loi modifiée du 30 avril 2008 portant a) création de l'Administration des enquêtes techniques, b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements

## des fonctionnaires de l'État et c) abrogation de la loi du 8 mars 2002 sur les entités d'enquêtes techniques relatives aux accidents et incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et des chemins de fer;

### 3° l'article L. 215-1 du Code du travail

#### Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Här Präsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir si beim Tram. Den Tram fiert gläich an duerfir ass et un der Zäit, déi néideg Sécherheitsbestëmmungen ze definéieren, dat Ganzt an engem Gesetz.

Dozou gehéieren d'Exigenzen a puncto Formation a Qualifikatioun vum Personal, mä och eng ganz Rei Exigenzen a puncto Gestiou vum der Infrastruktur a vum Trafic, grad wéi Virschreften, déi sech op d'Kohärenz, op d'Technik, d'Energie, den Ëmweltschutz, d'Accessibilitéit, d'Kontroll an esou weider a sou fort bezéien.

All dës Punkten, et sinn der eng Hällewull, déi sinn am Detail an zwielef Annexe vum Projet de loi opgezielt a si fëlle ganzer 26 Säiten. Fir den Detail verweisen ech léiwer direkt op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn dovun aus, datt Der näischt dergéint hutt.

Responsabel fir dee ganze Beräich vun der Sécherheet ass d'Administration des chemins de fer, d'ACF. Um legislativen Niveau féiert dese Projet de loi zu enger Rei Modifikatiounen vu bestoende Gesetzer. Dat éischt Gesetz, wat muss geännert ginn, ass d'Gesetz um 29. Juni 2004 iwwert den öffentliche Transport, wou de System vum Tram muss integréiert ginn.

Déi zweet Modifikatioun betrëfft d'Gesetz vum 30. Abrëll 2008 iwwert d'Administration des enquêtes techniques. Dës Administratioun kritt zousätzlech Kompetenzen am Fall vu schwéieren Accidenter um öffentliche Réseau, op de Voies publiques an notamment um Réseau vum Tram.

D'Zil vun dësen Enquête soll an Zukunft och net nëmmen dora bestoen, d'Ursaache vun Accidenter ze erfuerschen an ze analyséieren. Et soll och méiglech ginn, d'Sécherheet am öffentliche Stroosseraum duerch eng optimal Präventioun vun Accidenter ze verstärken.

Eng drëtt Ännerung betrëfft de Code du travail a méi speziell den Artikel 215-1, dee sech op d'Salarié bezitt, déi am grenziwwerschreidende Beräich vum Eisebunnssektor tätég sinn. Hei geet et drëms kloerzestellen, datt dësen Artikel sech net op d'Tramschauffere soll bezéien, well hir Aarbecht sech wesentlech vun där vun den Zuchführer ënnerscheet.

Et ass jo gewosst, grad wéi d'Camionen, d'Autoen, d'Motorrieder, d'Busser an d'Vëloen an all déi aner Gefierer, déi et nach esou ginn, fiert den Tram jo op der Strooss, ënnersteet dem Code de la route, an e fiert net op engem getrennte Réseau mat anere Regelen. An deem Sënn sinn och d'Aarbechtskonditiounen am Tramssektor anerer wéi am Eisebunnssektor. Dat bréngt da mat sech, datt Tramschaufferen am Code du travail net wäerte gläichgestallt gi mat den Zuchführer, mä ënnert de Régime général wäerte falen.

Dësen Detail gëtt am Artikel L. 215-1 geregelt, andeems d'Tramschaufferen aus deem Artikel explizitt ausgeschloss ginn, dëst op Basis vun enger EU-Direktiv aus dem Joer 2008, déi de Memberstaten et erlaabt, d'Metros an d'Tramsreseau an domat och d'Personal aus deem Sektore explizitt auszuschléissen - also aus dem Eisebunnssektor.

Här Präsident, ech kommen nach kuerz zu de verschiddenen Avisen, ugefaange bei den zwee Avice vum Statsrot vum 27. Oktober 2016 respektiv 19. Januar 2017. A sengem éischten Avis huet de Statsrot bedauert, datt dese Projet de loi eigentlech aus enger Usammlung vu verschiddenen internationale Reglementer besteet an net aus engem kohärenten neien Text. Dës Inkohärenzen an aner kleng Mouken textueller Natur hunn de Statsrot dozou beweegt, ganzer 50 Oppositions formelles ze formuléieren. Et waren der genuch! En huet awer och verschidden Textännerunge proposéiert.

D'Kommissioun ass deem nokomm, huet dem Statsrot an alle Punkte Rechnung gedroen, soudatt den Text schlussendlech dann transparent, strukturiert a ganz lisibel ginn ass. A sengem Avis complémentaire huet de Statsrot dowéinst





och sämtlech Oppositions formelles opgehewen.

D'Chambre des Salariés huet sech prinzipiell mam Projet de loi averstane gewisen an hat just e puer kleng Remarquen ze formuléieren. Si hätt zum Beispill begréisst, wann d'Formation vum den Tramschauffere grad wéi déi vun den Zuchführer vun engem akkreditéierte Centre de formation géif realiséiert ginn, an net vun engem Formateur, dee vum Employeur designéiert gëtt.

D'Chambre de Commerce hirersäits huet de Projet de loi a senger ganzer Gesamtheit begréisst.

D'Chamberskommissioun huet sech an dräi Sëtzunge mat deemem Projet de loi befaasst, dëst mat der Ënnerstëtzung vun der Madamm Félicie Weycker, déi mer hei begrëssen an där ech och e grouse Merci wëllt ausdrécken, grad wéi dem Här Oestreicher an der Madamm Stéphanie Biava vun der ACF. E weidere Merci geet wéi ëmmer un eis Sekretärin Rachel Moris an dann nach un d'Kommissioun, déi den 9. Mäerz 2016 mäi Rapport eestëmmeg guttgeheescht huet.

Domat steet dem Vott vun deemem Projet de loi net méi ganz vill am Wee. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der grénge Fraktioun natierlech och.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hoffen, dass kee Merci vergiess ginn ass. An da géif ech d'Wuert un den Här Serge Wilmes weiderginn.

#### Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Jo, Merci, Här President. D'Madamm Rapportrice huet alles gesot an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Negri huet d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Villmools Merci, Här President. An och Merci un d'Rapportrice Josée Lorsché. Mir ginn natierlech selbstverständlech den Accord.

Ech wëll just nach eng Kéier vläicht déi Suerg, déi den Här Minister och gedeelt huet mat der Formation vun de Chaufferen, déi um Tram fueren, opgräifen, déi eng Neuvième oder eng Cinquième mussen hunn, dass do och déi Psychotester jo gemaach ginn. Well och wann et richtig ass, dass et manner komplizéiert ass, mat engem Tram ze fuere wéi mat engem Zuch, ass trotzdem jo beim Tram just de B-Führerschäi verlaangt an net wéi op engem Bus de grouse Führerschäin, an do mengen ech, ass et wichteg, dass betreffend Stresssituationen, wou en Tram jo awer ka mat bis zu 400 Leit voll sinn, dass een do och bei deene Leit wierklech déi Psychotester do ganz seriö mécht. An den Här Minister hat eis dat an der Kommissioun zougesot an duerfir wëll ech och dann direkt den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Wie freet d'Wuert nach? Den Här Graas, wann ech glifft.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gi ganz éierlech zou, datt dat hei en extrem komplex Gesetz ass, mä wat awer eng ganz grouss Wichtigkeet huet. Et geet virun allem hei ëm d'Securitéit vun engem neien Transportmëttel, wat mer jo gläich kënnen da benotzen, dem Tram.

D'Madamm Lorsché huet hei e ganz ausféierleche Rapport gemaach, soudatt een elo schonn e bësselche méi vun deem Gesetz versteet an och iwwerzeegt ass, fir et dann am Numm vun der Demokratescher Partei kënnen ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech ginn dovun aus, dass déi aner Kolleegen och do dermat d'accord sinn an ech ginn dann dem Här Nohaltekeetsminister d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Jo, Här President, ech kann et och kuerz maachen. Merci iwwregens fir déi breet Zoustëmmung. Ech wollt d'Madamm Rapportrice awer an engem Punkt korrigéieren.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Ech mengen, si huet d'Zuelen e bëssen duerjerner-gehäit: Et ware keng 50 Opposition-formellen, mä et ware 50 Amendementen. 50 Amendementen, awer et ware 17 Opposition-formellen. Dat sinn der nach ëmmer genuch. Et sinn der nach ëmmer genuch, mä tëschent 17 a 50 (veuillez lire: ass nach en Ënnerscheid), just weinst der Richtegkeet awer.

**(Brouhaha et interruption par Mme Josée Lorsché)**

Fir de Rescht soen ech, wéi gesot, Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelifft!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci fir...

► **Une voix.** - Gitt an d'Spüllzëmmer!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Fir de Rescht soen ech lech Merci fir déi breet Zoustëmmung, well et ass e wichteg Projekt, fir datt mer kënnen, sou wéi et virgesinn ass, nach vum Summer ufänken, fir Testfaarten ze fueren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da kéinte mer iwwert de Projet 7034 ofstëmmen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7034 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo an der Gare.

Voilà, 60-mol Jo, mir hunn Unanimitéit.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marco Schank), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

► **Plusieurs voix.** - Neen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also elo ass d'Spüllzëmmer awer wierklech fälleg.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ma ech dierf dach soen, wat ech wëll!

#### (Hilarité, exclamations et interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Dir musst lech awer konsequent bleiwen.

Voilà. Da géife mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun de Mëtte kommen. Dat ass de Projet de loi iwwert de Fonds du logement, oder deen zukünftigen neie Fonds du logement. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, deen och scho prett ass, den Här Max Hahn.

### 7. 6916 - Projet de loi portant réorganisation de l'établissement public nommé «Fonds du logement»

#### Rapport de la Commission du Logement

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Wann d'Nofro no Wunnraum grouss ass, risikéiere virun allem déi méi Schwaach an eiser Gesellschaft duerch de Kuerf ze falen, ob dat Elengerzéier sinn, déi Schwierigkeiten hunn, zum Schluss vum Mount déi zwee Enner zesummenzekréien, jonk Leit, déi nach um Ufank stinn a sech eppes an hirem Liewe leeschte wëllen, oder aner Leit mat klengem Akommes.

D'Politik huet dëse Leit géintwuer eng Verantwortung. Et ass d'Aufgab vun der Politik, hinnen Zougang zu bezuelbarem Wunnen ze verschafen. Mir wëssen awer, dass den Drock op de Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg grouss ass. Émsou méi musse mir derfir suergen, dass déi wunnengspolitesch Instrumenter besser openeen ofgestëmmt sinn an nei Instrumenter en place gesat ginn, fir dëser Aufgab gerecht ze ginn.

Wunnengsbaupolitik funktionnéiert net mam groussen Hummer, oder vläicht an deemem Kontext méi passend: mam grouse Bagger, ouni Rücksicht op landesplaneresch Prinzipien an ouni Rücksicht op eng harmonesch Entwécklung an eisen Dierfer a Stied. Et sinn éischer déi vill kleng Feinofstëmmungen un de richtige Stellschrauwen, déi méi bezuelbare Wunnraum fir eis Bierger schafe wäerten.

Ech denken un eng „subvention de loyer“, déi säit méi wéi engem Joer a Kraaft ass a Leit hëlleft, déi sech e Loyer um fräie Marché nëmme schwéier leeschte kënnen. Ech denken awer och u Steiemesuren, déi mat der Mesure vum Quart de taux souwuel op der Säit vun der Of-fer wierken, mä awer och mat gezielten Abattemen-ten direkt bei de Leit ukommen, déi sech en éischt Eegenheem kafe wëllen. Ech denken un de Baulückeprogramm an un déi geplangt Baulandverträge, déi gëschter am Regierungsrot op den Instanzzee geschéckt goufen. Dës Baulandverträge wäerte sécherstellen, dass nei Terrainen och fir d'Baue genotzt ginn an net als Spekulationsobjete broochleie gelooss ginn.

A genee an dës vill Initiative vun der Regierung reit sech och d'Reorganisatioun vum Fonds du logement an, iwwert déi mer dann haut hei zesumme schwätzen.

De Fonds ass en Établissement public an eng vun zwou staatleche Wunnengsbaugesellschaften. Déi aner ass d'SNHBM, d'Société nationale des habitations à bon marché. Alle béid hunn als Aufgab de soziale Wunnengsbau, an dat, fir dass och déi Leit zu erschwënglechem Wunnraum verhollef kréien, déi um normale Wunnengsmaart net vill Chancen hunn.

An all Struktur ass et nëtzlech, vun Zäit zu Zäit d'Organisatioun an d'Aarbechtsfleef kritesch ze hannerfroen. Ginn déi gesaten Ziler erreicht, entsprécht d'Gouvernance den haitegen Ufuerderunge vun der Zäit? Fonctionnéieren d'Kontrollmechanismen? A wéi gesäit et aus mat der Transparenz?

#### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

D'Regierung huet sech kloer d'Zil gesat, d'Effikassitéit vum Fong an der SNHBM an d'Luucht ze setzen, dat heescht virun allem méi Wunnengen ze schafen. Der SNHBM ass dat am leschte Joer schonn exzellent gelongen. Ronn 230 Wunnenge sinn d'lescht Joer vun hir gebaut ginn. Si sinn um Wee, fir der dëst Joer 250 ze bauen, wat méi wéi eng Verdräifachung bannent zwee Joer ass, wat déi Saach nach méi eenzegaarteg mécht.

Fir d'Effikassitéit vum Fong awer ze erhéijen, huet d'Regierung eng genee Analys vum sengem Fonctionnement an Optrag ginn. D'Resultater vun deemem Audit hu sëllege Schwaachstellen a Problemer opgedeckt, déi mir haut mat deemem Projet elo wäerte behiewen.

Ech wäert elo op dëser Plaz net an den Detail vun de Resultater an de Recommandatiounen vun deemem Audit agoen. An awer ass et vläicht ganz nëtzlech, der e puer ze rappeléieren: Sou huet et zum Beispill u klore Prozedure gefeelt, beispillsweis fir d'Uschafung vun Terrainen an d'Wiel vun de Locataire. Net zäitgeméis war och d'Organisatioun vum Fong, wou et beispillsweis kee Verwaltungsrot ginn ass, dee lassgeléist vum Dagesgeschäft déi grouss Linne konnt virginn. Och d'Tatsaach, dass de Fong am Joer 2014 nëmmen 30 Wunnenge fir d'Locatioun fäerdeggestallt huet, weist kloer, dass de Fong de politeschen Ufuerderunge vu méi erschwënglechem Wunnraum am locative Beräich net genuch konnt Rechnung droen.

Nieft dem Audit, deen d'Regierung an Optrag ginn huet, huet och d'Cour des comptes an hirem Rapport iwwert d'Gestioun vun de Finanze vum Fong an de Joren 2012 an 2013 op d'Noutwendegkeet vun enger grondleeënder Reform vun der Organisatioun, dem Fonctionnement an de Prozedure vum Fong higewisen. Ech ginn elo net op den Detail vun deemem Rapport an, mä e weist kloer, dass d'Gestioun vum Fong an der Vergaangenheet net eisen Uspréch vu klore Prozeduren an Transparenz entsprécht, déi mir un en Établissement public musse stellen.

Et ass an deemem Kontext, wou d'Reorganisatioun vum Fong ze verstoen ass. Et ass eng Reorganisatioun am Sënn vun enger besserer Gouvernance, engem besserer Contrôle an enger verstärkter Transparenz.

Madamm Presidentin, de virleiende Gesetzesprojet setzt de genee Kader, deen et erméiglecht, den interne Fonctionnement vum Fong ze verbessern, soudass hie senge Kärmis-siounen am Intérêt public besser nokomme kann. Dëse Kader erméiglecht et och, dass de Recommandatiounen vun der Cour des comptes a vum Audit Rechnung gedroe ka ginn.

Et konnten awer och eng Rei Verbesserungen an den Ofleef am Fong d'lescht Joer schonn entaméiert ginn, déi net dëst Gesetz hu misse betreffen. Dat si Facteure wéi e besseren Informationsfloss an d'Definitioun vu klaren Attributiounen vun de Mataarbechter. An deem Sënn kann d'lescht Joer als en Transitiounsjoer ugesi ginn, wou de Fong huet missen e bëssen Ulafe huelen, fir an Zukunft kënnen méi héich ze sprangen.

Madamm Presidentin, e wichtegt Uleies beim virleiende Gesetz war et, dass de Fong sech an Zukunft verschäerft op d'Schafe vu Locatiounswunnenge konzentriert. Et ass do, wou mir hei am Land e grouse Bedarf hunn, an et ass och sënnavoll, dass de Stat sech e gréissere Pool vu Wunnengen zouleet, déi deene Leit, déi et brauchen, kënnen zur Verfügung gestallt ginn.

Gradesou wichteg ass awer och, dass e propere Suivi social vun de Locataire gemaach gëtt. Dësen ass dofir an Zukunft an de Missiounen vum Fonds du logement abegraff.

Wat d'Dotatioun vum Fong betrëfft, war et onbedéngt noutwendeg, nei Transparenzregelen anzeféieren. De Montant ass den Ament op 200 Milliounen Euro festgeloucht. Et huet awer bis ewell un enger klorer Affektatioun vun dëser Dotatioun gefeelt, soudass et an der Praxis derzou komm ass, dass déi Suen deelweis och genotzt gi sinn, fir lafend Käschten ze bezuelen.

Dëse System ass onméiglech esou bäizebehalen, net zulescht och opgrond vum europäesche Regelwierk a Saache Statshëlfe, déi aus dem sougenannten „paquet SIEG“ resul-téieren. Ech wëll op dëser Plaz net an all déi technesch Detailer vun dëser Matière agoen. Et ass awer wichteg ze soen, dass d'Aktivitéiten vum Fong an de Beräich vun den „Missions de service public“ falen. De Stat kompenséiert de Fong deemno fir seng Aktivitéiten am Déngscht vun der Allgemengheet. Dëst muss no bestëmmte Regeln oflafen, wat dann och an Zukunft fir de Fong wäert gëllen.

Fir Detailer zu deemem Thema géif ech dann och op mäi schrëftleche Rapport verweisen. Just nach eng Remarque dozou: An deem Zesummenhang fällt och déi steierlech Exemptioun um Benefiss fir de Fong ewech, dat erëm weinst den europäesche Regeln an dëser Matière, fir deenen nozekommen.

Madamm Presidentin, ech war uganks schonns drop agaangen: De Fonds du logement huet an der Vergaangenheet net esou effikass geschafft, wéi et wünschenswäert ass a wéi mir dat eise Bierger bei engem Établissement public schëlleg sinn. Dat läit zu engem groussen Deel un de Verwaltungsstrukturen, déi net méi zäitgeméis sinn.

Den aktuelle Comité-directeur gëtt ersat duerch e Verwaltungsrot, wou och d'Mandatszäit vun de Memberen op fënnf Joer begrenzt gëtt. Si kënnen maximal emol erneiert ginn. Bis elo war dëst Mandat net an der Zäit limitéiert. Dëst wäert derfir suergen, dass et regelméisseg zu personellen Erneierungen am Verwaltungsrot wäert kommen, wat hautdesdaags gängeg Praxis a Verwaltungsreit ass an e gesonde Roulement sécherstellt. Eng Neierung an deemem Kontext kann een awer och nach ervirsträchen: D'Fonctionnaires, déi Member am Verwaltungsrot sinn, behalen dat Mandat just nach bis dee Moment, wou se an d'Pensioun ginn.

Nei ass, dass am Verwaltungsrot an Zukunft och e Vertrieder aus dem Syvicol wäert setzen. Dëst schénkt mir logesch, wann ee bedenkt, wat fir e wichtigen Akteur d'Gemenge besonnesch am Beräich vum locative Wunnengsbau sinn. Am Zäitraum tëscht 2013 an 2016 hunn d'Gemenge quasi zwee Drëttel vun deemem Typ vu Wunnengen hei am Land geschaaft. Et wäert dem Fong och guttduen, e Gemeengever-trieder am Verwaltungsrot ze hunn. Dëse ka seng praktesch Erfahrung aus der Gemeng matablësse loosser an domadder och indirekt eng besser Zesummenaarbecht tëscht Fong a Gemenge bewierken.

D'Direktioun vum Fong gëtt net méi vun engem President vum Verwaltungsrot, mä vun engem Direkter a vun zwee bäigeeuerten Direkteren assuréiert. Domadder gëtt et an Zukunft eng kloer Trennung tëscht Direktioun a Verwaltungsrot. D'Direktioun ka sech ëm d'Alldagsgeschäfte an déi intern Gestioun këmmen an de Verwaltungsrot ass verantwortlech fir déi grouss strategesch Linnen an natierlech